# Eis Charta

## Eis CHARTA

Eis Charta erënnert un d'Grondsätz vum Zesummeliewe vun alle Partner aus der Walfer Schoul an der Maison Relais, aus deene sech Rechter a Flichte fir jiddereen erginn.
Si betrëfft all Member vun eiser Schoul a Maison Relais: Schüler, Elteren, Enseignanten, Educateuren a Mataarbechter.
Eis Schoul an d'Maison Relais solle Plaze sinn wou mir eis wuel fillen a jiddereen a senger Eenzegaartegkeet respektéiert gëtt.
Eis Charta weist eis de Wee fir e flott a respektvollt Zesummeliewe vun alle Bedeelegten an der Schoul wéi och an der Maison Relais.




### Dialog
Mir probéiere Problemer an Differenzen zesummen ze léisen a leeë Wäert op eng éierlech an transparent Kommunikatioun.




### Asaz
Mir stellen eis Iddië reegelméisseg a Fro an huelen nei Erausfuerderungen un.




### Wuel a Freed
Mir passen drop op, dass jiddereе sech kierperlech a séilesch sou gutt wéi méiglech spiert a mat Spaass un den Aktivitéiten deelhuele kann.




### Respekt virum Mënsch
Mir sinn héiflech a leeë Wäert op gutt Manéieren. Mir sinn éierlech a fair am Ëmgang mateneen, mir hunn d'Recht op eng eege Meenung a respektéieren och aner Meenungen.




### Respekt virun der Natur
Mir handelen ëmweltbewosst a respektéieren d'Planzen an d'Déierewelt.




### Respekt virum Kierper
Mir leeë Wäert op Hygiène, gesond Ernärung a Beweegung fir gesond ze liewen.




### Toleranz
Mir sinn oppe fir aner Kulturen an Traditiounen ouni eis eegen ze vernoléissegen.




### Respekt virum Material
Mir huele Récksiicht op Schoulmaterial, Kleeder a Gebaier.




### Inclusioun
Mir behandele jiddereе sou wéi mir och selwer wëlle behandelt ginn, jiddereen ass e gläichwäertege Member vun eiser Gesellschaft.




### Verantwortung
Mir hunn alleguer Rechter déi mer notzen a Flichten un déi mer eis halen.